

## De Rattem , een “Zeugenberg”, eng “butte témoin”

Kap, Gedrénks, **Bestëmmungsbuch**, Clipboard a Bläistëft mathuelen.

Mär starten op der Kräizung rue de Belvaux - rue Rattem.



Aus de Bléie vun deem Bam hei gëtt Téi gemaach. Wéi een?

- Peffermëntzéi
- Lannentéi
- Salbeitéi



Winni a firwat ass dëst Monument gebaut ginn?

- 1931; et heescht “Peschräiz” an ass fir de Paschtouer Eugène Pesch gebaut ginn
- 1795; et gëtt “Fransousekräiz” genannt an et soll erënneren un d’Jongen aus dem Duerf, di vu franséischen Zaldoten doutgemaach goufen
- 1631; et ass ee “Peschtkräiz” a sollt d’Leit virun der Krankheet Pescht schützen

Gitt lo déi kleng Strooss de Bierg erop, d’rue Rattem.



Wat geschitt an deem Haischen hei?

- Vun hei gëtt de Stroum weider an Uewerkuer verdeelt.
- Hei sinn ëffentlech Toiletten dra, fir d’Gemengenoarbechter.
- Vun hei gëtt den Internet weider an Uewerkuer verdeelt.

Dat Haische steet ënnert den Äscht vun engem groussen Bam. Deen huet eng glat Schuel, di op ville Plaze lass geet. Wéi eng Zort ass et?

- eng Buch
- eng Platan
- eng Eech

Gitt weider de Bierg erop an d’rue Rattem a beim Bungalow no lénks.



Wat ass dat Gebai hei?

- d’Entrée vun enger Schlass-Ruin
- de Balcon vun engem Schlass, dat fréier heisstung
- en ale Waasser-Reservoir

Wéi ass déi chemesch Formel vu Waasser?

- CO<sub>2</sub>
- H<sub>2</sub>O
- C<sub>6</sub>H<sub>12</sub>O<sub>6</sub>

*Klammt op den Dach a kuckt d'Landschaft.*



Ganz hannen um Horizont gesitt der bei guddem Wieder een hellt Gebai.

Wat ass dat?

- en UFO vum Mars
- de Waasser-Reservoir fir de Minette um Réibierg
- di gréisst Bio-Gas-Anlag vum Land zu Kärch




Uewen, an der Kopp vum Ratter, ënnerierdesch, ass deen neien Drénkwaasser-Reservoir, wou Drénkwaasser fir Uewerkuer an Deeler vun Déifferdeng gesammelt gëtt, ier et an d'Haiser fléisst. Wéi vill Waasser passt hei dran?

- 3000 000 Liter
- 3000 Liter
- 3000 000 000 000 000 Liter

Wéi vill Buedbidde (100 Liter) kéint een domat fëllen?

- 30 000 Buedbiden
- 300 Buedbiden
- 30 000 000 Buedbiden



Un där Heck hei wuessen Nëss, di gutt schmaachen. Wi heescht se?

- en Hieselter
- e Wäissdar
- eng Heckerous

*Gitt de Bierg erop*

Do kënt riets den éischten Nole-Bam: eng Eibe. Wéi eng Foarf hunn hir räif Bieren (mat gëftegem Kär) ?

- blo
- schwarz
- rout



Hannert der Bänk si Lächer am Buedem vum Hiwwel. Wéi een Déier kéint dat gewiescht sinn ?

- e Kéisécker
- e Fuuss
- ee Kaweechelchen



Gitt weider an där gesitt eng Buch, där hire Stamm sech an zwee spléckt. Wéi nennt een sou eng Bamform ?

- eng Zwibbel
- een Zwisel
- ee Wisel



Am Bestëmmungsbuch ass eng Zort Gras, di no engem Hausdéier benannt ass.

- Hamstergras
- Hondsgras
- Kanéngchersgras



Op der nächster Kräizung fannt der Beem mat dëse Blieder : Wéi heeschen d'Friichte vun deem Bam ?


- Käschten
- Buchecker
- Eechelen

*Gitt riichtaus weider.*



Wat leeft hei hannert deem Zonk?

- Hei ass eng Wieder-Statioun, wou Wand, Reen, Temperatur etc. gemooss ginn
- Hei ass eng Astronomie-Statioun, wou Meteorite vum Weltraum kontrolléiert ginn.
- Hei ass eng Agrikultur-Statioun, wou Spuere vu Baueren aus der Jongsteenzäit fonnt goufen.



Wat bedeuten di 378 m op der Grafik?

- De Standuert ass 378 m vun Uewerkuer ewech.
- Där sidd op 378 m Héicht iwwert dem Mieresspiegel an Holland.
- Vun enger Säit vum Ratterm op di aner sinn et 378 m.

Ganz uewen um Bierg ass eng Bänk mat enger schéiner Vue. Wéi eng Hiwwele gesitt der vun hei aus wéi an enger Rei?

- Den Zolwerknapp, den Tételbierg, de Ratterm an de Gaalgebierg
- Den Zolwerknapp, de Lëtschet an de Pakebierg an de Gaalgebierg
- Den Zolwerknapp, den Thillebierg, de Kierchbierg an de Gaalgebierg



Wéi héich ass déi Telefons-Antenn hei ongeféier?

- 30 m
- 300 m
- 3000 m

*Lo gi mer op där anerer Säit nees erof.*



Wourun erkennt een eng Bierk?

- un der wäisser Schuel
- un de sechseckege Blieder
- un de roude Friichten

*Fir di Uewerkuerer: Retour tëscht dem Bungalow niest dem H<sub>2</sub>O an der Résidence, dee schmuele Wee eran, dee lanscht d'Gäert (an d'Beiestäck) erof an d'Waassergaass féiert.*

**Merci fir d'Matmaachen!**